ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 6. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

A Bezuch op d'Gestioun vun COVID-Moossname goufe mir rezent vun ënnerschiddleche Persoune Virfäll zougedroen, déi alleguer ganz änlech verlaf sinn:

Wann an engem Stot eng Persoun positiv op de COVID-Virus getest gouf, goufen déi aner Persoune aus deem Stot vun der Santé kontaktéiert a goufen ugehalen, doheem ze bleiwen, fir esou d'Gefor, weider Leit unzestiechen, ze reduzéieren. Si kruten och gesot, datt hinne géing e Krankeschäin zougeschéckt ginn, fir hirem Patron virzeleeën.

Déi betraffene Persoune waarden elo schonn deeglaang op hire Krankeschäin. De Krankeschäi muss dem Patron awer spéitstens dräi Deeg no der Krankmeldung virleien an hire Patron besteet och an der aktueller Covid-Situatioun op dës Virschrëft.

Elo sinn déi betraffe Persounen an der Situatioun, datt si sech entweder musse Congé huelen, fir d'Virschrëfte vun der Santé kënnen ze respektéieren, oder esouguer drun denken erëm schaffen ze goen, trotz der Uweisung doheem ze bleiwen. Vum Patron ënner Drock gesat, sinn déi Leit veronséchert a wëssen net, wat si maache sollen a wat hir Rechter sinn.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro (N°3042) heescht et:

> „Direktioun vun der Santé huet zum Beispill och mat de Vertrieder vun den Employeure geschwat fir dat se solle méi coulant si falls d'Attester e bëssi méi spéit era kommen, wat jo administrativ bedéngt ass an net op d'Persoun selwer zeréckzeféieren."

Dëst ass zwar eng gutt gemengte Recommandatioun, allerdéngs sinn d'Patronen domat net gesetzlech dozou verflicht. Iwwerdeems ass dës Recommandatioun, mat där d'Santé sech un d'Vertrieder vun den Employeure geriicht huet, och net bei all Patron ukomm.

Zu all deem kënnt, datt op der Hotline vun der Santé keen ze erreechen ass, esou datt si sech net emol iwwert hir Méiglechkeete renseignéiere kënnen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Ass d'Madamm Minister a Kenntnes iwwert déi uewe genannte Virfäll? Wa jo, ass si sech der Drénglechkeet vun enger Léisung fir dëse Problem bewosst? Wéi wëllt si dësem Problem entgéintwierken?

2. Wat ass generell virgesinn, a wat fir engem zäitlechen Delai Leit, déi ugehale ginn doheem ze bleiwen, hire Krankeschäin zougestallt kréien? Gëtt et hei net d'Méiglechkeet, dëse iwwer Mail ze verschécken? Wann nee, firwat net?

3. A wat fir enger Form huet déi uewe genannte Kommunikatioun tëscht der Santésdirektioun an de Vertrieder vun den Employeure stattfonnt? Wéi ass hei seéchergestallt ginn, datt dës Recommandatioun och bei all Patron hei zu Lëtzebuerg ukommen ass? Gouf déi legal Grondlag fir de Patron an den Ugestallten hei a Fro gestallt? Besteet hei net d'Noutwennegkeet vun enger legaler Dispositioun, fir datt dëst kloer an eenheetlech fir all Patron an och all Ugestallten am Land gekläert ass?

4. Wat fir Méiglechkeeten a Rechter hunn déi betraffe Leit, wann de Patron drop insistéiert, datt si sech Congé huelen, wa si de Krankeschäin no dräi Deeg net virleeë kënnen? Huet de Patron hei d'Recht, dëst vu sengem Ugestallten ze verlaangen?

5. Ass esou ee Krankeschäin och réckwierkend gülteg, respektiv nodeems dee vum Patron virgeschriwwenen Delai net konnt agehale ginn? Ass de Patron an deem Fall gesetzlech verflicht, déi réckwierkend Gültegkeet unzëerkennen?

6. Wéi ass et méiglech, datt deeglaang keen op der Hotline vun der Santé ze erreechen ass? Wat wëllt d'Madamm Minister ënnerhuelen, fir datt dës Hotline dréngend erëm funktiounsfäeg gëtt, fir d'Leit sech bei wichtege Froen oder bei Veronsécherungen am Kader vun der Covid-Kris renseignéiere kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten